



N° 5114
Reçue le 19.10.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 20.10.2021

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/10/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministère fir Bildung & Gesondheet weiderzeleeden.

Persounen, déi géint de Covid-19 geimpft sinn, mussen - anescht wéi Leit, déi nach net geimpft sinn - net an eng Quarantäne goen, nodeems si e Kontakt mat enger Persoun haten, déi positiv getest ginn ass.

Am Secondaire, wou eng Rei vun de Schüler scho geimpft sinn, mee och ganz vill aner Schüler nach net, bedeit dat, dass bei positive Fäll an der Klass verschidde Kanner a Quarantäne ginn an anerer net.

Fir dem Léierpersonal ze hëllefen am Infektiounsfall den Iwwerbléck ze behalen a sécherzestellen, dass och all net-geimpfte Kand a Quarantän geet, sollen d'Enseignantë mengen Informatiounen no Lëschte kréien, op deenen den Impfstatus vun de Kanner aus der Klass vermierkt ass. Dës Lëschte sollen, soubal d'Infektiounsketten nees ënner Kontroll ass an all d'Kanner nees an d'Schoul dierfen, vum Enseignant vernicht, voir "vergiess" ginn.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ass et richtig, dass Lëschte mam Impfstatus vu Schüler un Enseignanten eraus gaange sinn?
2. Ob wéi enger legaler Basis ginn an hei déi medezinesch Date vu Mannerjärege weiderginn an traitéiert?

Mat déiwem Respekt,



www.piraten.lu



CLEMENT Sven

Député



www.piraten.lu



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend a vun der
Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro Nr. 5114 vum honorabelen Här Deputéierte Sven
Clement**

Den Impfstatus vun enger Persoun ass laut Gesetz nëmmen den Autorités sanitaires bekannt. An de Schoulen dierfe keng Lëschte gefouert ginn, déi den Impfstatus vu Schüler renseignéieren.

Mir bieden den honorabelen Deputéierten, eis d'Informatiounen weiderzeleeden, déi him doriwwer schénge virzeleien, sou datt eis Servicer deene Fäll kënnen nooen.

Lëtzebuerg, den 22. November 2021

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH